# 26.01.1986 : 2. Generalversammlung

U Perséinlechkeeten haten sech am Café Kohn afond : Weicker Arsène a Wies Lucien, Schffen vun der Gemeng, Schumacher Justin, Gemengerot, Abbé Hentzen, Paschtouer vu Wis, Lé Tanson, Lokalhistoriker a President vun der Kulturkommissioun, Vertrieder aus de Veräiner vu Wis a vun den Nopeschdierfer. Am Ganzen eng 50 Leit.

De President Gérard Hein begréisst all Leit a seet all deene merci, déi sech op deng eng oder déi aner Manéier verdéngt gemat hunn em de Veräin.

De Sekretär Tremuth Fernand dréit den Aktivitéitsbericht vir an hält e Réckbléck op en erfollegräicht éischt Joer. 39 Aktivitéiten (gemittlechen Nomëtteg, Blummenaktioun, Botzaktioun, Duerffest, Trëppeltour, Éirung vun deenen zwee eelste Leit, Entrevuën mat deenen zoustännegen Autoritéiten fir Verbesserungen an a ronderëm d'Duerf, ...).

De Caissier Putz René mécht de finanzielle Bilan : Recetten 145 951.- F, Dépensen 56 753.- F, Boni 89 198.- F. De Boni erlaabt eis et, 1986 och finanziell zur Verschéinerung vum Duerf bäizedroen.

Neiwahle vum Comité : Well de Beckius Marco seng Demissioun gët, kann deen eenzege neie Kandidat Wies Arsène ouni Wahlen an de Comité opgeholl ginn.

Duerno gët eise provisoresche Programm fir 1986 vum Sekretär präsentéiert.

De Scheffen Arsène Weicker hëlt d'Wuert, fir eis d'Stellung vun der Gemeng zu eisen Aktivitéiten duerzeleeën. Hie begréisst déi vill Aktivitéiten, gët eis Opklärung iwwert d'Weiderentwécklung an der Waasserfabriks-Affär. Hie seet eis, dass de Subsid vun der Gemeng ënnerwee ass, dass am Budget 1986 näischt virgesinn ass, fir Plangen ausschaffen ze loossen fir d'Plaz bei der Grott. Zum Schluss wënscht en eis vill Gléck fir 1986.

Nodeems d'Generalversammlung no enger halwer Stonn offiziell ofgeschloss gët, sëtze mer nach eng Zäitchen gemittlech zesummen am Sall vum Café Kohn.